



# Coupe Patrick Riehl Mäerz 2025






Alt erëm ass ee Joer vergaangen ouni eise Frënnt de Patrick mee mir hunn Hien awer net vergiess an och dëst Joer Him zum Gedenken eist Frëndschaftsfëschen ausgedroen zu Lamadelaine op de Weieren. Natierlech ewéi kéint et och aneschters sinn, hat de Patrick eis och dëst Joer dat schéinste Fréijoers Wieder geschéckt esou ewéi dat ëmmer an der Vergaangenheet de Fall war wa mir eist Frëndschaftsfëschen ausgedroen hunn.









Gutt gelaunt haten sech Moies eis Fëscher beim Yannik getraff fir nom éischte Kaffi déi obligatoresch Auslousung vun de Plazen auszelousen Des Kéier waren et nëmmen aacht Fëscher déi ugetruede waren an duerfir konnte mir eist Fréndschaftsfëschen och individuell ausdroen. Mir haten an der Woch schonn de Weier mat Reebouforelle besat an no der Auslousung hu mir nach séier de Parcours preparéiert wärend d´Fëscher hir Staangen opgeriicht hunn an du konnt et och scho lass goen.










Et huet ee bësse gedauert mee dunn hunn awer lues a lues d´Fësch ugefaangen ze bäissen an all eis Fëscher hunn nawell gutt gefaange wat u sech ëmmer eng Garantie ass dass d´Fëscher gutt gelaunt den Dag verbréngen. Esou haten mir dann och eng komerodschaftlech Ambiance an et huet kee vun eise Fëscher et un Asaz mësse gelooss woubäi déi eng oder aner Stëppelerei natierlech och huet misse sinn. Nodeems zwou Stonne gefëscht waren hu mir eis beim Yannik am Bistro afonnt fir zu Mëtteg ze iessen. Mëttes si mir dunn nach eng Kéier fir zwou Stonnen ugetrueden an och wann do net méi grad esou vill gefaange ginn ass war dach nach déi eng oder aner Forell dobäi.







Nodeems de Marc eng leschte Kéier getut hat hu mir eis dunn zesumme gesat fir d Resultater ze verkënnegen. Natierlech ass dat ëmmer eng Häerzensugeleeënheet vun eisem President deen dat dann och mat Bravour gemeeschtert huet. Hei dann elo d´Schlussresultater vun eisem Fréndschaftsfëschen wou dëst Joer erfreelecher Weis eise jéngste Fëscher, de Luca, déi beschte Performance un den Dag geluecht huet a mat 20 Fësch an 1043 Punkten dee beschte Score reusséiert huet, wuerfir mir Him nëmme felicitéiere kënnen .

| Numm : | Fësch: | Punkten |
|---|---|---|
| Luca Lepage | 20 | 1043 |
| Jemp Hoffmann | 13 | 689 |
| Jemp Nicolas | 13 | 682 |
| Patrick Bertrand | 12 | 621 |
| Marc Duton | 8 | 428 |
| Marco Montalto | 8 | 410 |
| Luss Dilk | 5 | 266 |
| Gérard Bertholet | 3 | 157 |









